

Wiem et do net waarm gëtt ëm d'Häerz, dien huet keent!

E Gespréich mat der Madame Laroche-Ferrero, Presidentin vun der FHL

Madame Laroche-Ferrero, Dir sitt zanter 1995 Presidentin vun der FHL (Fräiwëlleg Hëllef Lëtzebuerg), eng laang Zäit; kéint Dir eis e kuerze Bilan maachen vun Ären Aktivitéiten?

Do weess ech guer net, wou ech soll ufänken, d'FHL ass a sou ville Beräicher tätég, datt ee se kaum kann opzielen, a wéi Dir wësst, sinn ech selwer jo och nach an anere Veräiner oder Vereenegungen am Dingscht, sou datt ech an aller Bescheidenheet, awer net ganz ouni Houffert, behaapte kann, datt, säit engem Véierelsjorhonnert a méi souguer, mä Liewen am Dingscht vun deenen Anere steet, sief et Benevolat, Volontariat, Mezenat oder Philantropie, ech maachen do keen Ënnerscheid, awer Qualitéit muss et sinn, Qualitéitsbenevolat...

Kéint Dir eis e puer Beispiller ginn ... ?

Gären. Gëschter nach souze mir zesummen am Salon vun der Madame Scholl – Dir kennt dach d'Madame Scholl-de Saint Honoré, d'Églantine, wéi mir soen? – also mir souze bei hir an hunn de Stand fir de Bazar virbereet, International Hëllef, also do kënn sou muenches zesummen, dofir dee mir ons d'Aarbecht mam Här Gillenhausen vun den *Amis de Saint Éloi*, also hien ass méi fir dat Schneekegst zoustänneg – hien ass, niewebäi gesot, jo och e ganz gudder Kach –, an da kacht hien ëmmer mat senger Fra zesumme Gebeess, haaptsächlech Quetschekraut, awer net nëmmen, Gebeess, dat dann zu Gonschte vun de Weesekanner a Westafrika verkaaft gëtt, dofir soe mir och ëmmer *Weesekannergebeess*, an d'Madame Scholl, d'Églantine, ass zoustänneg fir alles wat Ikebana an Origami ubelaangt, si huet jo eng Zäit a Japan gelieft, a si kennt do eng Rei Fraen, déi an där Matière spezialiséiert sinn, an déi Saache verkafe mir dann och op onsem Stand, an d'Madame Reuter – si bitzt gär, fir sech ze entspannen, seet si, si huet jo keen einfache Beruff – d'Madame Reuter mécht Ri-

doen, fir e Kannerheem am Bangladesch, ech mengen, do gëtt jo net méi sou vill dovun geschwat, wéinst all deem anere Misär lo a Syrien oder Libyen, ower do ass och nach Hëllef néideg, an all dat, wat mir dann sou bénévolement gemaach hunn, verkafe mir dann do um Bazar, an all Joer besicht ons d'Grande-Duchesse an encouragéiert ons, an da maache mir jo och am *Télésanté* mat, do sinn ech da selwer um Telefon an huele Spenden entgéint, eng grouss Organisatioun, déi och vum *Tonza-Club*, wou ech jo d'Sekretariat maachen, ënnerstëtzt gëtt an och vun de *Roptimistinnen*. Bei de *Roptimistinnen* sinn ech scho bal drësseg Joer...

Ass dat dann awer, Madame Laroche-Ferrero, net vläicht ...

Dat ass formidabel! Wat gëtt et méi Schéines wéi fir déi Aner do ze sinn! Am Kader vum *Télésanté* engagéieren sech Dausende vu Leit mat allméiglechen Aktivitéiten, bastelen, bake Kichelcher, pedaléieren, hiewe Gewiichter, stelle Rekorder op, am Grillen, am Schwamme mat Bläi un de Féiss, am Kaktusnätzen, am Béierkëschtstemmen, am Glasblösen, baue Pyramiden aus Kazenhoer an Hondshaisercher aus Liewerkniddelen a Grillwurscht, dresséiere Kanarievillercher, loosse Kaweecheler de Salto hannerzech maachen, bueden am lertsebulli a räpsen am Chouer de *Feierwon*, alles fräiwëlleg a fir de gudden Zweck! Wiem et do net waarm gëtt ëm d'Häerz, dien huet keent! Bei de *Roptimistinnen* hu mir lo zesumme mat de *Fraen a Jofferen* eng Kampagne gestart zu Gonschte vun de Schniewelbroschtdeckelmouken op Madagaskar, vun deenen, wéi Dir vläicht wësst, et der nëmmen nach knapps 500 gëtt. Mir organiséieren do e Fundraising a Form vun engem Diner am Cercle, wou en Zwielfgängmenü zerwéiert gëtt zum Präis vun aachtausendnéng honnertfënnefasiwenzeg Euro, a wou duerno e Wierk versteet gëtt vum Gaston Golf, senges Zeechens President vum *Hatari-Club* a virun allem e ganz groussaartege Moler! Dat, wéi gesot, zu Gonschte vun de

Schniewelbroschtdeckelmouken op Madagaskar. Dann, déi Woch drop, organiséiert den Här Gillenhausen seng Fuussejuegd zu Gonschte vun den handikäppierte Kanner am Kamerun, a *Fraen a Jofferen* bedeelegen sech um Concert, deen d'Émweltorganisatioun *Kloerstroum* zesumme mat der *Banque du Lion* an eben der FHL zu Gonschte vun den dafstommen Inder an der Haaptstad organiséiert. Dann...

Madame, Dir...

Dir wëllt vläicht lo froen, ob et do keng Limitte gëtt am Beräich vun der *Fräiwëlleger Hëllef*? Nee, am Fong net. Woubäi ech ower soe muss, datt onse Fiss, den Alexandre, et net sou gutt geroden hat. Hien huet dat ouni Zwiivel vu mir geierft, déi philantropesch Säit, den Hang, iwwerall ze hëllefen, den Don fir d'Benevolat. An du huet hie sech bei déi fräiwëlleg Pompjeeë gemellt, bei d'Sekuristen, awer dat war dach staarken Tubak, wann ech sou soen duerf. Mol net sou d'Feier, méi dat anert, d'Leit, déi wollte gehollef kréien. Dann ass hie matten an der Nuecht geruff ginn, well iergendee gemengt huet, sengem Noper wier eppes geschitt, well do sou komesch Geräischer waren, also wéi wann dien um Stierwe wier, keng Loft méi géif kréien, Gejéimers a Gierksen, an dann näischt méi... an dann huet den Alexandre mussen run, a well deen Aneren do net opgemaach huet, hu si missen d'Dier opbriechen, an da koum hinnen och schonn de Gestank entgéint, also sou eppes muss ee fräiwëlleg wëllen aushalen! Sot den Alexandre. Si stoungen dann do an engem ongeheire Gestank. Well déi Persoun – an deem Fall wor et eng Damm – net réischt den Owend virdru gestuerwe wor, mee scho virun engem Mount. An de Geroch vun der Läch huet si all ëmgehait. An den Noper huet ëmmer nach gesot, hien hätt näischt geroch, mee eppes héieren. Awer dat wor kaum méiglech, well och d'Kaz an den Hond woren dout, erdiischtert. Den Hond hat wuel nach eng Zäit un der Läch geknabbert gehat, awer iergendwéi wor dat awer

net dat richtig. Also do gëtt däi fräiwëllegt Häerz schon op d'Prouf gestalt. Sou den Alexandre. Heiansdo ass et och net grad sou schlëmm. Da komme si eran an de Gestank a gesi keng Läich, nëmmen Dreck. All Zëmmer voll gekéipt mat Offall. Schuele, Béchsen, Schanke, Spränzen. A souguer Raten dertëscht. Awer d'Televisioun, déi geet. An do leeft grad den *Télésanté* drop. Um Kanapee sou e Stouss Béierdousen, dausende vu sténkege Béierdousen. An déi fänken dann op emol u sech ze bewegen. Raten? Nee, ënnert de Béierbéchsen kraucht de Locataire eraus a reecht sech op, well hie gestéiert gëtt. Well si seng Bier opgebraucht hunn an elauter dees. Steet do a birelt d'Sekuristen un. Wat si sech géifen erlaben. Gëtt handgräiflech. Schéisst mam Béier. Da mam Stempel vun engem Stull. Den Alexandre hat eng déck Schréip op der Stir. Duerno krut hien eng Depressioun a konnt net méi weider maachen bei de fräiwëllege Pompjeeën a Sekuristen. Dat ass dann de Präis vu sou engem Engagement. Bei ons ass dat

natierlech anescht. Ech kéint mer d'Églantine, fäifilleg an empfindlech wéi et ass, och guer net an sou enger Situatioun virstellen. Vu mir selwer net ze schwätzen. Den Här Gillenhausen vläicht, hien ass vu méi enger robuster Natur. Géif een net soen, wann hie säi Gebeess kacht. Ower hie wor zesumme mam Här Golf an Alaska. An op Safari. An do goug et anscheinend zimlech ruppeg zou. Léiwen hu se geschoss wéi déi Wëll. Ower fein Häre sinn et. Wa si de *Roptimistinnen* oder de *Fraen a Jofferen* kënnen hëllef, da si se do! Wéi mer zu Mondorf de Moude-défilé zu Gonschte vun den anorexische Fraen vun de Färöer-Inselen organiséiert hunn, hu si souguer de Meedercher an d'Kleeder gehollef. A mir schaffen och lo rëm zesumme bei der Organisatioun vum *Venedeg-Bal*, wou mer all zesummen eis fräiwëlleg Hëllef dëser wonnerschéiner Stad ubidden, datt si kann iwuerliewen. De *Venedeg-Bal* ass – mat senge Masken an ausgefalene Kleeder – sécher ee vun den Héihpunkte vun all Fräiwëllegen hei am

Land, a sou gutt d'*Roptimistinnen* wéi d'*Fraen a Jofferen*, den *Tonza* wéi den *Hatari-Club* an och d'*Amis de Saint Éloi* maache mat, iwuerdroe gëtt dat ganz live vum Radio *Gudde Stär*, wou d'Églantine och eng Sendung huet. An duerno ass et da scho rëm um *Télésanté*, wou jiddere sech kann als Fräiwëllegen engagéieren a sech eppes kann afale loossen, wat a wéi och ëmmer, zum Beispill Trëpeltoure mat engem Faass Mous um Réck, Gala-Dinner fir zockerkrank Paschtéier, Kannerkavalkad, Nuddelsbuffet, Tour mam Pätter Jupp sengem honnertjäregen Teimer an d'Pommerlach, Blannenheemer rëschten, vermuuschte Strëmp vu Marathonleefersignéieren, Schweess vun Dschungel-Camp-Kandidaten a klenge Fläsche verkafen, handgewichste Reitstiwwele vu gefalene Kosacke versteëen, Geessekniddele mat Gold lackéieren, Eeër vu pädophile Gänse mam Bunsenbrenner platzen doen, Blut spenden op der Danzplatt bei *Zwou Bulle Mokka*, mat Wäihwaasser guergelen, sech Grimassen an d'Fleesch schneiden, op Kuelen a Schierbele goen, sech Tréinen an d'Ae sängen, sprangen, tanzen, schweessen, all dat fräiwëlleg a fir de gudden Zweck ...

Madame... Madame Laroche-Ferrero... mir soe Merci fir dëst Gespréich... !

D'Gespréich mat der Madame Laroche-Ferrero gouf vum Nico Helminger gefouert

